

# Äre Schratt an e méi liicht Liewen

Wëllkomm am Foyer Ste Elisabeth zu Beetebuerg

elisabeth senior

# Dir stellt Iech Froen oder hutt Bedenken ?

**Zanter 1986, wou eise Foyer Ste Elisabeth seng Dieren opgemaach huet, hu mir mat ville Leit geschwat. Mir wëssen, datt de Schratt an en Altersheim e ganz schwéiere Schratt ass, deen déi allermannste mat Freed maachen.**

**Et ass heiansdo guer net einfach mam Alter eens ze ginn an ze mierken, datt et net méi sou geet, wéi een sech dat virstellt. Et mécht een sech vill Suergen: Wéi laang soll dat Doheem nach riicht ausgoen? A wat kënnt dann op mech duer?**

Dofir proposéiere mir Iech eng onverbindlech Visite vun eisem Haus op där Dir eis all déi Froe kënnt stellen, déi Iech perséinlech um Häerz leien. Et ass eis ganz wichteg, datt Dir all d’Informatiounen hutt, ier Dir sou eng grouss Entscheedung trefft. Frot Iech bei eis e Rendez-vous, mir huelen eis ganz gäre fir Iech Zäit.

Well och wann eng Famill nach sou vill Drock mécht, kënne mir keen an eisem Haus ophuelen, deen net fräiwëlleg komme wëllt.

Gäre kënnt Dir Iech och an eent vun eise Vakanzenzëmmere mellen, sou kritt Dir e gutt Gespier dofir, op Dir Iech bei eis wuel fille géift.

Et ass e schwéiere Schratt, awer et ass e Schratt a méi e liicht Liewen, a mir hu schon oft héieren:

„Hätt ech dat do gewosst, wier ech éischter komm.“



# Eist Engagem

**Am Foyer Ste Elisabeth Beetebuerg (FSEB) schaffe mir all zesummen, fir datt Dir**

- bei eis en Doheem fannt, wou Dir Iech sécher a gutt spiert
- e selbstbestëmmt Liewe kënnt féieren, sou wéi Dir dat gewinnt sidd
- Är Liewensqualitéit erhalen oder souguer verbessere kënnt
- frëndlech a professionell Ënnerstëtzung ugebuede kritt, sou wéi Dir se braucht
- flott Momenter zesummen oder och eleng kënnt erliewen
- bei eis bis zum Schluss kënnt wunne bleiwen an och palliativ gutt versuergt gitt



# ment



# Eist Haus: de
# Ste Elisabeth



Eist Haus läit matzen a Beetebuerg, nëmmen e puer Minutten zu Fouss ewech vum Zentrum. Et besteet aus 2 Gebaier, déi mat engem Tunnel mateneen verbonne sinn, sou datt Dir bequem, waarm an dréchen tëschent deenen 2 Gebaier circuléiere kënnt. Ronderëm ass e ganz schéine Park, mat Trëppelweeër, Blummen, engem Klanggaart mat Raschtplazen an enger Pétanquepist. Sou sidd Dir hei zu Beetebuerg matten am Liewen an awer och no un der Natur. Mam ëffentlechen Transport kommt Dir praktesch iwwerall dohinner, wou dir wëllt. A fir d'Autoe stinn och Parkplazen zur Verfügung. Zu Fouss ass et net wäit bis an den Zentrum oder bei d'Geschäfter. Sou kënnt Dir vill ausserhalb vum Haus ënnerhuelen. A wann Dir keng Loscht hutt eraus ze goen, braucht Dir just bis an d'Entrée ze komme fir rëm matten am Liewen ze sinn.

# Foyer
# n Beetebuerg



Eis Entrée ass de Kär vum Haus, déi Plaz, wou sech d'Leit begéinen. Direkt nieft dem Restaurant ass eis Cafeteria an do fannt Dir och vill gemittlech Sëtzecker. D'Ambiance ass hell a frëndlech an et ass ëmmer Betrib. Eise Festsall, eis Bibliothéik an eis Internet-Stuff fannt Dir och um Rez-de-chaussée an eise Coiffeurssalon an eis Pediküre Stack drënner. All Dënschdes ass hei am Haus och Maart wou Dir frëscht Uebst, Schneekegkeeten an Drogerieartikelen akafen kënnt. Daagsiwwer ass eis Receptioun ëmmer besat. Wann Dir Froen hutt oder eppes Spezielles géift brauchen, si mir gäre fir lech do.

Eist Haus ass en oppent Haus. Dir kënnt zu all Moment eran- an erausgoen an Är Famill a Bekannte sinn häerzlech wëllkomm. Gäre kënne Sie och hiert Hausdéier mat op Besuch bréngen.

# Eist Konzept: De Bewunner am

**An eisem Haus ass Plaz fir Mënschen, déi sech ënnerscheeden no:**

- Alter
- Ausgesinn
- Situatioun
- Liewenserfarungen
- Interessen
- Fäegkeeten
- Wënsch
- Ziler an Erwaardungen
- …



Dofir gi mir eis vill Méi, Iech sou gutt wéi méiglech kennen ze léieren, fir Iech beschtméiglech entgéint ze kommen an ze begleeden.



# Mëttelpunkt



**Dobäi orientéiere mir eis un de Prinzipie vun:**

- Géigesäitegem Respekt
- Liewensqualitéit
- Selbstbestëmmung
- Deelhuelen um Liewe vun der Gesellschaft

A mir leeë ganz grousse Wäert op Frëndlechkeet an Hëllefsbereetschaft.

# Am Foyer wu

**An eisem Haus ass Plaz fir 118 Bewunner.**

- An **2 Vakanzenzëmmere** bidde mir Iech d'Méiglechkeet eng kuerz Zäit ze verbrengen, eis sou kennen ze léieren oder an enger Noutsituatioun betreit ze ginn.
- Déi aner Zëmmer a Studioen sinn d'Doheem vun eise Bewunner. Jiddereen ka sech säi Privatberäich no senge Virléifte gestalten an ariichten a sech drop verloossen, dat dës Privatsphär vun all Matbewunner, awer och vun all Mataarbechter respektéiert gëtt.

**Am Ganzen hu mir:**

**100 Eenzelzëmmer, dovunner 72 mat Balcon**
**4 Studioen mat Terrass**
**6 Studioen fir Koppelen**
**All eis Zëmmer hunn e privat Buedzëmmer**





#### nnen



D'Liewen an eiser Struktur ënnerscheet sech net vill vun deem, wat Dir kennt. Wann Dir awer fir verschidden Alldagsgesten Ënnerstëtzung braucht, steet Iech qualifizéiert an empathescht Personal zur Säit, dat Suerg dréit, datt Dir Ären Alldag sou autonom wéi méiglech liewe kënnt.

Dës Selbststännegkeet gëtt och duerch medezinesch an therapeutesch Betreiung gestäerkt, déi individuell op Är Bedürfnisser ausgeriicht ass an Är Liewensqualitéit beschtméiglech ënnerstëtzt.

# Am Foyer d'Lie

Eis Mataarbechter aus dem Service Technique an dem Service Menage bréngen et fäerdeg, datt eist Haus ëmmer tipptopp an der Rei ass, an Dir Iech ëm näischt ze suerge braucht.

Och op eng gesond, appetitlech presentéiert an Äre Besoinen ugepassten Ernärung leeë mir grousse Wäert. Mir kachen a baken alles frësch an eiser Kichen.

Déi 3 Haaptmoolzechte ginn um Buffet zerwéiert, kënnen Iech awer och op Wonsch um Dësch zerwéiert ginn.

**Eise Restaurant ass op**

- **tëschent 8:00 an 9:30 Auer fir Kaffi ze drénken**
- **tëschent 12:15 an 13:30 Auer fir d'Mëttegiessen**
- **tëschent 18:30 an 20:00 Auer fir d'Owesiessen**

Eis Kichenequipe bitt Iech eng saisonal an ofwiesslungsräich Kichen an eise Kach ass och ëmmer op der Plaz fir ze gesinn, ob et Iech geschmaacht huet. Är Ureegungen a Wënsch ginn, wann ëmmer méiglech, an d'Menupläng opgeholl.

Wann Dir bei eis am Haus eng Privatfeier wëllt organiséieren, steet Iech eis Kichenequipe gären zur Säit fir ze plangen, ze organiséieren, ze kachen an ze zerwéieren.

Och ëm Är privat Wäsch këmmere mir eis gären, wann Dir dat wënscht.

# ewe genéissen











# Am Foyer d'Liewensqua

**Eng ganz individuell Betreiung an dat gemeinsaamt Liewen an Erliewen erméiglecht et de Betreier fréi ze erkennen, wann et net méi sou gutt geet a geziilt mat Iech zesumme Weeër ze siche fir déi Fäegkeeten nees ze förderen a beschtméiglech ze erhalen.**

Dat kënnen Übungen an Aktivéiten

- motorescher,
- liewenspraktescher Natur
- oder awer Gediechnestraining sinn

Sou kënne mir jiddereen dobäi ënnerstëtzen seng Liewensqualitéit ze erhalen. An dat souwuel a Gruppenaktivitéiten, wéi och individuell.

Awer och hei gëtt keen zu sengem Gléck gezwongen, mee soll selwer entscheeden, ob en déi Hëllef wëllt an Usproch huelen oder net.



# litéit erhalen



# Am Foyer aktiv sinn

**Gemittlech wunnen, iessen a schlofen? Nee, dat ass nach laang net alles. Och e flotten Aktivitéitsprogramm gehéiert dozou! Mir maachen uspriechend an ofwiesslungsräich Proposen, a jidderee ka selwer entscheeden ob a wéi en déi notze wëll. Kann enn aktiv matmaachen oder einfach nëmmen dat gesellegt Mateneen genéissen. Eng héichwäerteg, individuell Begleedung an zesumme Spaass hu stinn och hei am Mëttelpunkt.**

Gäre kënnt Dir och mat Ären Iddien zu dësem Aktivitéitsprogramm bäisteieren.

- Sport, Musek, Molen
- Kulturell Veranstaltungen
- Sortien
- Baken, Kachen
- Keelespillen, Pétanque
- …





Aktiv um Liewe vun der Gemeinschaft deelhuelen an zesumme schéin a lëschteg Momenter erliewen deet gutt an dréit dozou bäi, datt dat gesellegt Mateneen hei am Haus angeneem an entspaant ass.

Well dësen Austausch mat de Matbewunner awer och mat der Famill, de Bekannten an de Gäscht esou beräichernd a wäertvoll ass, organiséiere mir mat a fir eis Bewunner Fester an Aktivitéiten, déi schonn Traditioun hunn.

**Verschidde Fester:** Kiermessonndeg, Adventsbazar, Summerfest..

**Verschidden Animatiounen:** Concerten, Danznomëtteger, Bingo...

**Praktesches:** Mat eisem Minibus shoppen, Blummemaart an eisem Park, spezialiséierte Kleeder- a Schongverkaf an eiser Entrée

# Dir hutt Froen, mir si gäre fir lech do:





**Receptioun:** 51 16 06 - 1

**Vakanzenzëmmer:** 621 175 834


**Assistante sociale:** 621 175 834

fseb@elisabeth.lu

**www.elisabeth.lu**

**/elisabethsenior.lu**

**/elisabeth.senior**






**Foyer Ste Elisabeth Bettembourg**
4, rue de la Tannerie I L-3288 Bettembourg
T +352 51 16 06-1 I F +352 51 16 06-5025
E fseb@elisabeth.lu


elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg